ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

N° 5032
Reçue le 30.09.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 01.10.2021

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 29. September 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

D'Produzente vu Schwéngefleesch si säit ronn engem Joer an enger déiwer Kris. Vill Produzente vu Schwéngefleesch spillen dohier mam Gedanken, fir opzehalen, well aktuell e Verkafspräis vu ronn 1,25 € pro Kilo verrechent gëtt. De Käschtendeckungspräiss leit allerdéngs aktuell bei 1,98 fir de Kilo Schwéngefleesch. Déi jeeweileg Produzente vu Schwéngefleesch - sief dat an der Zuucht oder am Beräich vum Mäschten - sinn deemno mat existenzielle Problemer konfrontéiert a wëssen net méi, wéi et soll weidergoen.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Huet d'Regierung Pläng fir am Kader vun där uewe beschriwwenener akuter Noutfallsituatioun de Produzente vu Schwéngefleesch finanziell ze hëllefen? Bestinn hei Pläng oder Iwwerleeungen? Wa jo, wéi gesinn dës Pläng aus a wéini kënnen d'Produzente vu Schwéngefleesch mat der Ëmsetzung vun deene Pläng oder Iwwerleeunge rechnen?
2. Am Joer 2002 hat Lëtzebuerg en Import vu Schwéngefleesch vu 5.780 Tonnen ze verzeechnen, gläichzäiteg goufe 9554 Tonne Schwéngefleesch an eist Land importéiert. Wéi gestalte sech an deem Kontext d'Export- an Importzuele vum Schwéngefleesch fir d'Joren 2019 an 2020?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**

N° 5032
Reçue le 03.11.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et du
Développement rural

Réf.: 626/21

Dossier suivi par : M. André LOOS
Tél : 247-82530

**Monsieur Marc HANSEN**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Service Central de Législation**

**LUXEMBOURG**

Luxembourg, le 3 novembre 2021

**Objet**: Question parlementaire n° 5032 de l'honorable Député Jeff Engelen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, ma réponse à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural,

Romain SCHNEIDER

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Äntwert vum Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau an ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 5032 vum éierbaren Deputéierten Här Jeff Engelen**

1. **Huet d'Regierung Pläng fir am Kader vun där uewe beschriwwener akuter Noutfallsituatioun de Produzente vu Schwéngefleesch finanziell ze hëllefen? Bestinn hei Pläng oder Iwwerleeungen? Wa jo, wéi gesinn dës Pläng aus, a wéini kënnen d'Produzente vu Schwéngefleesch mat der Ëmsetzung vun deene Pläng oder Iwwerleeunge rechnen?**

D'Regierung ass sech der ganz schwiereger Situatioun am Secteur vun der Schwéngsproduktioun wuel bewosst. Dofir huet Lëtzebuerg um leschte Conseil vun de Landwirtschaftsministeren den 11. an 12. Oktober intervenéiert, fir d'Kommissioun opzefuerderen, déi méiglech Schrëtt ze ënnerhuelen, fir dem Secteur ze hëllefen. Am Moment sinn niewent den Aiden am Kontext vun der Covidkris awer keng nei Aiden virgesinn.
Am Kontext vum Plan stratégique national fir d'PAC ab 2023 wäerte Mesure geholl ginn, fir och d'Schwéngsbetriber hin zu enger méi nohalteger an déierefrëndlecher Produktioun ze ënnerstëtzen.

2. **Am Joer 2002 hat Lëtzebuerg en Import vu Schwéngefleesch vu 5.780 Tonnen ze verzeechnen, gläichzäiteg goufen 9554 Tonne Schwéngefleesch an eist Land importéiert. Wéi gestalten sech an deem Kontext d'Export- an Importzuele vum Schwéngefleesch fir d'Joren 2019 an 2020?**

Laut den offiziell publizéierte Bilanzzuele vum Schwéngefleesch louchen d'Exportzuelen 2002 bei 4.361 Tonnen, an d'Importer hunn 12.160 Tonnen ausgemaach. 2019 louchen d'Exporter mat 5.882 Tonne liicht méi héich a sinn 2020 mat 5.679 Tonnen nees liicht réckleefeg. D'Importer vu Schwéngefleesch hunn 2019 e Niveau vu 15.183 Tonnen erreecht a sinn 2020 weider op 16.047 Tonne geklommen. Et ass och ze gesinn, dass souwuel d 'Exporter zu 100% an d'Importer zu mindestens 96,7% innerhalb vun der EU ofgewéckelt ginn. An et ass awer och wichteg ze bemierken, dass d'Quantitéit Fleesch sech aus enger ganzer Rei vun Intrastatcoden zesummesetzt, wou och veraarbecht Fleeschprodukter drënnerfalen.

An der Tabelle sinn all Detailer zum Bilan nozekucken. Et gëtt do ënnerstallt, dass d'Variation de stocks ze vernoléissegen ass, well di Produkter an der Reegel net länger gelagert ginn. Weiderhi muss e wëssen, dass di lieweg Béischte mat definéierte Koeffizienten a Schluechtkierpergewiicht ëmgerechent gi wéi all di aner Produkter och.

## BILAN DE LA VIANDE (PORCINS)

| Postes | 2002 | 2019 | 2020 |
|---|---|---|---|
| ***BASES DE PRODUCTION*** | | | |
| Production nette (1000 têtes) | 162,995 | 158,284 | 144,369 |
| Poids moyen carcasse (kg) | 71,700 | 82,125 | 86,460 |
| Production nette (1000 t) | 11,692 | 12,999 | 12,482 |
| ***BILAN (1000 t poids carcasse)*** | | | |
| Production indigène brute | 10,871 | 12,738 | 13,315 |
| Imports animaux vivants | 2,074 | 4,088 | 3,892 |
| - dont de EUR | 2,074 | 4,088 | 3,892 |
| Exports animaux vivants | 1,253 | 3,826 | 4,726 |
| - dont vers EUR | 1,253 | 3,826 | 4,726 |
| Production nette | 11,692 | 12,999 | 12,482 |
| Imports viande | 12,160 | 15,183 | 16,047 |
| - dont de EUR | 12,160 | 15,183 | 16,047 |
| Ressources = Emplois | 23,852 | 28,182 | 28,529 |
| Exports viande | 4,361 | 5,882 | 5,679 |
| - dont vers EUR | 4,215 | 5,855 | 5,663 |
| Stocks de début | 0 | 0 | 0 |
| Stocks de fin | 0 | 0 | 0 |
| Variation des stocks | 0 | 0 | 0 |
| Utilisation intérieure | 19,491 | 22,300 | 22,850 |
| - Pertes | 0 | 0 | 0 |
| - Alimentation animale | 0 | 0 | 0 |
| - Consommation humaine | 19,491 | 22,300 | 22,850 |
| **Consommation/habitant (kg/tête)** | **43,7** | **36,0** | **36,3** |
| **Taux d'autoapprovisionnement (viande)** | **55,8%** | **57,1%** | **58,3%** |

Rechemodus fir de Bilan:

**Production indigène brute** = Production nette - Imports d'animaux vivants + Export d'animaux vivants
**Ressources** = Emplois = Production nette + Imports viande
**Utilisation intérieure** = Emplois - Exports viande
**Consommation humaine** = utilisation intérieure, et gëtt ënnerstallt, dass et keng Verloschter gëtt, an dass kee Fleesch an d'Déirefudder verschafft gëtt
**Consommation/habitant (kg/tête)** = consommation humaine / population moyenne de l'année
**Taux d'autoapprovisionnement (viande)** = production indigène brute / utilisation intérieure